PIRATEN

Sensibilité politique
Boîte postale 83
L-7201 Bereldange

Fernand ETGEN
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 02/09/2019

Här President,

Sou wéi den Artikel 83 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir Landwirtschaft weiderzeleeden.

A menger parlamentarescher Fro n°225 hat ech den Här Landwirtschaftsminister ufanks dës Joers no Informatiounen iwwert d'Organisatioun vun der diesjäreger Hondsausstellung zu Lëtzebuerg gefrot. D'Dog Show huet dunn effektiv den 31.8 an den 1.9 zu Lëtzebuerg stattfonnt. A wéi aus der Äntwert vum Minister ervirgeet, goufen d'Kontrolle vum Déiereschutzgesetz vun ëffentlecher Säit aus mat Hëllef vun der Veterinärsinspektioun an der Douane organiséiert.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

1. A wéi engem Ëmfang goufe Kontrollen op der Ausstellungsfläch an och um Parking organiséiert? Ass de Minister der Meenung, dass den Ëmfang vun dëse Kontrolle ausräichend war?

2. Goufen um Event iergendwellech Infraktiounen géint d'Déiereschutzgesetz festgestallt? Falls jo, ëm wéi eng Infraktiounen huet et sech heibäi gehandelt?

3. Goufe bezüglech dem Déierentransport Kontrollen duerchgefouert? Gouf zum Beispill kontrolléiert, ob d'Déieren an den Transportkäfeger genuch Platz, Fudder a Waasser haten? A gouf och d'Temperatur an d'Anhale vun de Pause wärend dem Transport kontrolléiert?
    - Falls jo, wéi genee sinn dës Kontrollen ofgelaf?
        - Wéi goufen d'Hondsziichter kontrolléiert, déi méi wäit Distanzen op Lëtzebuerg zeréckgeluecht hunn?

4. Den éischten Artikel vum Déiereschutzgesetz schwätzt den Déieren eng Dignitéit (=Würde) zou. Ass d'Regierung der Meenung, dass ëffentlech Hondsaustellungen d'Würde vum Déier respektéieren? Sinn dës Déierenausstellungen des Weideren hautzedaags nach ethesch vertrietbar?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Député

PIRATEN

Sensibilité politique
Boîte postale 83
L-7201 Bereldange